



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bidden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Soziales weiderzeleeden.

D'Diagnose Broschkriibs ass fir vill Fraen an hir Familien en emotionale Schock. Déi betrafte Fraen fillen sech an hirem Selbstwäertgefill verletzt. Si leiden net nëmmen kierperlech mee och psychesch, besonnesch wann eng **Mastektomie muss duerchgefouert ginn**. An dem Zesummenhang géing ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Soziales stellen:

- Wéi vill Fäll vun Mastektomie goufen zanter 2017 pro Joer hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert?
 - Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg par Rapport zum europäeschen Duerchschnëtt?
- Wat gëtt gemaach, fir dat d'Mastektomie am Fall vun enger Diagnos vu Broschkriibs wierklech den leschten Schrott ass?
- A wéi vill Fäll kann duerch eng Chemotherapie oder aner Mesuren d'Broscht erhalen ginn?
 - Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg par Rapport zum europäeschen Duerchschnëtt?
- A wéi vill Fäll konnt eng Reconstructioun vun der Broscht gemaach ginn?

Här President, ech bidden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7407 vum 21. Dezember 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.

1. Wéi vill Fäll vun Mastektomie goufen zanter 2017 pro Joer hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert?

Am Joer 2021, goufen zu Lëtzebuerg 602 Mastektomien bei Frae vun der CNS rembourséiert, woumat 513 verschidde Patientinne betraff waren. Et goufe just komplett a partiell Mastektomien, déi a Relatioun mat Broschkriibs sinn, berécksiichtegt. ¹ Et muss een awer préciséieren dass Mastektomien och kënnen an aneren Situatiounen gemaach ginn, z.B. bei guttaarteg Verännerungen vun der Broscht, oder am Fall vun Gynekomastie beim Mann. Et muss een och drop hiweisen dass a raren Fäll eng präventiv Mastektomie ka gemaach ginn wann bei enger Fra e ganz héijen Risiko vu Broschkriibs besteet, dëst ass de Fall vu bestëmmten genetesch Mutatiounen.

Tableau 1: Unzuel un Fäll a betraffene Frae mat enger partieller oder kompletter Mastektomie vun 2017 bis 2021

Joeren	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel un Fäll	535	564	588	557	602
Unzuel un betraffenen Fraen	457	477	510	482	513

Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.

Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg par Rapport zum europäeschen Duerchschnëtt?

Ee Verglach op europäeschem Niveau fënnt een an der öffentlech zougänglecher Eurostat Datenbase². Dës Zuele regroupéieren (fir déi total ewéi och fir déi partiell Mastektomie) awer alleguerten d'Fäll, déi vun der CNS rembourséiert goufen, an net nëmmen déi, déi un de Broschkriibs bei Frae gebonne sinn. Aus dem genannte Grond, awer och well Eurostat betraffe Männer mat aberechent, sinn déi Lëtzebuerger Zuelen an der Eurostat Basis méi héich ewéi déi an der Fro 1 geliwwerten Zuelen. Wéi een awer aus dem Tableau hei drënner erkennen kann geet d'Zuel vun de partiellen Operatiounen iwwert d'Zäit erop, an déi vun de kompletten Operatiounen erof. Allgemeng läit Lëtzebuerg mat den Zuelen pro 100.000 Awunner an vergläichbaren Beräicher wéi die aner EU Länner.

Et ass och wichteg drop hinzeweisen, dass haut ëmmer méi direkt oder relativ schnell eng chirurgesch Rekonstruktioun vun der Broscht gemaach gëtt.

¹ Dest ëmfaasst folgend Akten aus der Nomenclature vun den Dokteren: « 2S32 - Excision locale d'une tumeur maligne du sein » an « 2S42 - Mastectomie pour lésion maligne ».

² Eurostat online data Code hlth_co_proc2, SCL Code CM85-MAS a CM8520-8523.



Surgical operations and procedures performed related to cancer, 2014 and 2019
(per 100 000 inhabitants)

	Partial excision of mammary gland		Total mastectomy	
	2014	2019	2014	2019
Belgium	104.5	146.6	48.3	67.5
Bulgaria	:	85.5	:	35.9
Czechia	:	:	:	:
Denmark	105.1	89.1	46.7	39.5
Germany	101.6	98.2	34.2	33.2
Estonia	48.7	53.1	25.4	24.9
Ireland	64.6	73.6	20.6	23.4
Greece	:	:	57.3	:
Spain	82.1	101.8	30.9	45.1
France	102.8	104.6	33.0	32.4
Croatia	68.3	63.1	39.5	38.4
Italy	114.3	108.8	35.7	38.9
Cyprus	7.2	9.3	29.4	26.5
Latvia	:	:	:	:
Lithuania	78.0	78.8	24.9	27.1
Luxembourg	67.6	79.4	33.3	29.5
Hungary	72.5	67.7	28.0	24.9
Malta (*)	75.5	97.8	25.8	21.5
Netherlands (**)	67.0	73.2	61.4	49.2
Austria	102.1	100.7	26.6	32.9
Poland	21.7	16.5	22.2	23.6
Portugal	65.2	:	34.3	:
Romania	33.7	26.9	24.2	24.8
Slovenia	57.9	74.4	29.9	29.9
Slovakia	:	:	25.7	22.0
Finland	78.1	103.3	51.2	46.3
Sweden	76.3	78.3	45.4	38.4
Iceland	30.2	44.9	38.2	53.0
Liechtenstein	24.2	0.0	8.1	0.0
Norway	68.3	83.8	39.0	34.5
Switzerland	92.5	96.9	35.9	33.1
North Macedonia	26.8	26.3	25.3	30.1
Serbia	70.6	66.9	27.5	27.9
Turkey	:	39.98	:	60.95

(*) 2018 instead of 2019.

(**) 2017 instead of 2019.

Source: Eurostat (online data code: hlth_co_proc2)

2. Wat gëtt gemaach, fir dat d'Mastektomie am Fall vun enger Diagnos vu Broschkriibs wierklech den leschten Schrott ass?

Et ass haut Standard an der Kriibsbehandlung, dass all Fall vu Kriibs an enger sougenannter RCP (Réunion de concertation pluridisciplinaire) soll beschwat ginn, wou Spezialisten vun verschiddeenen Medizinberäicher (Chirurgie, Onkologie, Gynécologie, Radiothérapie ...) präsent sinn a gemeinsam eng Propose maachen fir déi optimal Behandlung. Esou ka garantéiert ginn dass déi betraffe Fra eng individuell Behandlung proposéiert kritt, déi op eng oder méi kombinéierten Modalitéiten vu Behandlung zréckgräift.

3. A wéi vill Fäll kann duerch eng Chemotherapie oder aner Mesuren d'Broscht erhalen ginn? Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg par Rapport zum europäeschen Duerchschnitt?

D'Santé huet do keng detailléiert Chiffren. Wéi gesot, oft ginn do verschiddeenen therapeutesch Approchen combinéiert.



4. A wéi vill Fäll konnt eng Reconstructioun vun der Broscht gemaach ginn?

Am Joer 2021, goufen zu Lëtzebuerg 223 Rekonstruktione vun der Broscht bei Frae vun der CNS rembourséiert, woumat 137 verschidde Patientinne betraff waren. Eng Rekonstruktoun gouf just da gezielt, wann déi betraffe Persoun eng Mastektomie a Relatioun mat Broschkriibs während dem Zäitraum vun 2017-2021 gemaach kritt huet.

D' Indikatioun vun enger Rekonstruktoun hänkt natierlech och vum Gesondheitszoustand vun der Fra, der Form a der eventueller Progressioun vum Kriibs an hirer eegener Präferenz of.

Tableau 2 : Unzuel un Fäll a betraffene Frae mat enger Rekonstruktoun vun der Broscht no enger Mastektomie vun 2017 bis 2021

Joeren	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel un Fäll	77	128	140	153	223
Unzuel un betraffenen Fraen	54	91	98	107	137

Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert